PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Op de soziale Medie kurséiere Biller vun enger Firma, déi an Australien Stroossebunnmarkéierunge mat fluoreszendéierender Faarf hierstellen. De Prinzip vun dëser Faarf kennt ee vu Kannerspillsaachen: d'Faarf hëlt d'Luucht op a stéisst dës dann an der Donkelheet of an ass am Donkele gutt erkennbar.

De Prinzip ugewannt op d'Stroossemarkéierung bewierkt, dass dës an der Nuecht besser siichtbar sinn. Virun allem op Landstroossen, wou keng kënschtlech Beliichtung do ass, kéint dës Technologie hëllefen, fir d'Stroosse méi sécher ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass et ënnert der aktueller Gesetzgebung méiglech, d'Stroossemarkéierunge mat dëser spezieller Faarf ze zeechnen? Falls nee, wéi eng gesetzlech Dispositioune verhënneren dat aktuell?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député